PIRATEN
PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Lëtzebuerg, den 21ten September 2023

# Communiqué

**D'Piratepartei hat den 21te September eng Pressekonferenz zum Thema «Educatioun a Kannerbetreiung» organiséiert. D'Präsentatioun vum Thema hunn de Chris Bernard, vu Beruff selwer Enseignant, Themenbeoptragten vun de Piraten am Beräich Ëmwelt a Kandidat am Süden, d' Sonja Barthel, vu Beruff selwer Enseignante, Gemengeconseillère zu Duelem a Kandidatin vun de Piraten am Osten an de Ben Polidori, Gemengeconseiller zu Viichten a Kandidat am Norden, gemaach.**

## Kannerbetreiung

Bore Chèque service d'accueil:

Den aktuelle Modell vun de Betreiungsstrukturen hëlt den Elteren an de Kanner de Choix ewech, well si et sech net leeschte kënnen, fir selwer méi fir hir Kanner do ze sinn. D'Crèche gëtt zum gréissten Deel vum Staat bezuelt iwwert de Chèque-service d'accueil (CSA). Wien seng Kanner awer selwer versuerge wëll an se net an eng Crèche schéckt, dee kritt guer näischt. Dowéinst fuerdere mir d'Aféiere vum bore Chèque-service d'accueil. Dobäi gëtt een Deel vum CSA direkt un d'Elteren ausbezuelt, wann si hiert Kand net Vollzäit an eng Crèche schécken. D'Ausbezuelung gëtt nom Akommes vun der Famill gestaffelt, genau esou ewéi dat elo scho beim CSA de Fall ass. Gläichzäiteg mussen d'Personalschlësselen ugepasst ginn. Aktuell kommen ze vill kleng Kanner op een Educateur/eng Educatrice. Dëst ka grave a laangfristeg Konsequenzen, wéi zum Beispill Verhaalensopfällegkeeten, fir d'Kanner hunn.

Méi Congésdeeg fir a schwéieren Situatiounen:

Et ginn eng Rei Congéën hei am Land, dorënner zum Beispill och de Congé pour raisons familiales. Leider ass deen awer net ëmmer un d'Realitéiten vun verschidde Famillen ugepasst. Esou gëtt bei engem Kand mat engem mentale Handicap dësen net ëmmer richteg mat consideréiert. Och fir Eltere vun Kanner mat chronesche Krankheeten ass den aktuelle Modell vum Congé net ugepasst, well een dacks fir eng gutt Prise en charge vun de Kanner net duergeet.

## Fondamentale

Nei Horairen fir de Fondamental:

Déi aktuell Schoulzäiten am Fondamental, wou d'Kanner u verschiddenen Deeg no enger laanger Mëttespaus nach emol d'Schoulbänk mussen drécken, hunn Nodeeler fir d'Kanner, d'Elteren an d'Personal. Eng Upassung vun de Schoulzäiten, wou all Dag vun 8h00 bis 13h00 Schoul wier, géif bei de

Kanner de Stress reduzéieren, deen de Wiessel Schoul-Maison Relais-Schoul mat sech bréngt. Den Elteren, déi an Deelzäit schaffen, géif dat erlaben, Mëttes méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen a fir d'Personal an de Maisons Relaise géif et de Planning méi einfach maachen an d'Maisons Relaisen hätten och d'Méiglechkeet, fir nach méi divers Aktivitéiten unzebidden.

Eng besser Prise en charge vu Kanner mat Verhalensopfällegkeeten:
Fir vun enger gelongener Inklusioun ze schwätzen, et geet net duer fir Kanner mat verschiddenste Besoinen einfach zesummen an ee Klassesall ze setzen. D'Schoulpersonal muss och op déi nei Heterogenitéit reagéiere kënnen, fir all Kand, esou gutt wéi méiglech gerecht kënnen ze ginn. Mee dat ass haut leider net ëmmer méiglech. Obwuel et um Pabeier eng ganz Rei vun Ënnerstëtzungsforme gëtt, kënnt se a ganz ville Fäll um Terrain guer net oder vill ze spéit un. Dat dierf zum Wuel vun de Kanner a vum Schoul- a Léierpersonal awer net esou weider goen.

**Secondaire**

Modulare System fir de Secondaire:
Mir hunn zum Deel schonn e modulare System, wou tëscht Cour de Base a Cour avancé ënnerscheet gëtt. De moduläre System muss awer nach op weider Fächer ausgebaut ginn. D'Module bidde jidderengem d'Fräiheet, an deem Tempo ze léieren, deen him entsprécht. Problemer kënnen an eenzele Beräicher frei erkannt ginn, esou dass cibléiert Hëllefsstellunge méiglech sinn an d'Schüler:innen hier Schwieregkeeten net einfach „weiderschleefen“. Gläichzäiteg kënnen d'Kanner awer och selwer méi Afloss op hire schoulesche Parcours huelen. Dëst kéint och géint den Décrochage scolaire hëllefen. Och wann d'Kompenséiere vun Notten net grondsätzlech an allen Hisiichte schlecht ass, esou gouf an deene leschte Joren awer e System geschaf, an deem vill ze vill vun dësem Outil gebrauch gemaach gëtt. Doduerch, dass d'Schüler:innen iwwert Jore weiderkommen, gi vill Problemer accumuléiert an zu engem oniwwerbréckbaren Hindernis. Wann d'Kompenséieren net méi méiglech ass, ginn d'Problemer nämlech richteg un. D'Lacunnen no Joren nach nozehuelen ass a ville Fäll onméiglech. Dëst kann Afloss op déi mental Gesondheet vun de jonke Leit hunn. Dëse Cumul vun de Problemer féiert dann dacks dozou, dass d'Schüler:innen esou iwwerfuerdert sinn, dass si keen aneren Auswee méi gesinn, wéi d'Schoul ofzebriechen. An un där Iwwerfuerderung an hire Konsequenzen ännert sech och näischt, wann een d'Schoulflicht op 18 Joer eropsetzt.

**Sproochesituatioun**

Der Méisproochegkeet Rechnung droen:
Der Méisproochegkeet gëtt an de Schoulen nach net genuch Rechnung gedroen. Lëtzebuergesch ass a ville Familen net méi déi Sprooch, déi primär geschwat gëtt. Dës Realitéit huet natierlech och ganz grouss Auswierkungen op d'Schoul an de Schoulalldag. D'Schoule mussen sech un dës Realitéiten upasse. Gläichzäiteg dierf d'Lëtzebuergescht als Integratiounssprooch awer net verluer goen - am Géigendeel. Dowéinst soll nieft aner Mesuren d'Alphabetiséierung net just op Däitsch ugebuede ginn, mee a méi Sproochen. Ee Grondstee gouf mat engem Pilotprojet jo scho geluecht. Dofir dierfen international Schoulen net als vereinfacht Léisung ugesi ginn. Fir eng Rei Leit kënnen international Schoulen duerchaus eng sënnvoll Saach sinn, d'Offer vun den internationale Schoulen dierf awer net zu enger Parallelgesellschaft féieren.